ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 21. Oktober 2019

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Finanzminister an un den Här Logementsminister weiderzeleeden.

Ee vun de Facteuren vun der Präisdeierecht am Logement hei am Land sinn déi grouss Delaien bei administrativen Demarchen. Mengen Informatioune no, huet d'Administration du Cadastre enorm Retarden. Dat fir de sougenannte « Cadastre Vertical » bei Residenzen z'autoriséieren. Doduercher ginn et honnerte Wunnengen wou den notariellen Acte net ka gemaach ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech folgend Froen un d'Regierung stellen.

1. Si sech déi zoustänneg Ministeren där Situatioun bewosst?
2. Wéi ass den aktuellen Delai tëschent deem Moment wou eng Demande fir e « Cadastre Vertical » erakënnt bis dohinner wou den autoriséierte « Cadastre Vertical » erausgeet ?
3. Stëmmt et datt oft zousätzlech Delaien entstinn wéinst Ännerungen déi dem normale Bierger zimlech « bürokratesch » schengen , wei zum Bäispill datt e Lous « Verdure » muss als « Haie » ëmklasséiert ginn wat dann 6 Méint Retard mat sech bréngt ?
4. Stëmmt et datt neierdéngs vum Kadaster verbuede gëtt, datt sougenannt « Actes de Base» kënne gemaach ginn, esoulaang d'Konditioune net erfëllt sinn, ewéi zum Bäispill eng « Servitude Conventionnelle »; wou awer ee Jurist wéisst datt souwisou eng « Servitude Légale / Servitude de Passage pour Terrains enclavés» besteet?
5. Wat wëll d'Regierung ënnerhuelen fir dës Delaien ze verkierzen ?

Mat déiwem Respekt,

ROY REDING

ADR – Groupe parlementaire **22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745**
ADR – Parti politique